

# d'Peffermillen

De Koschter wor frou, dass ufanks Juli nom *forum* an dem *Land* och d'*Tageblatt* dee kontroverséierte Projet de loi zu engem Aktualitéitsthema gemaach huet, well d'Grënnung vun enger Uni geet jidder Bierger eppes un, net nëmmen di Intellektuell. E wor och houfreg ze gesinn, dass dee jonke Journalist eifreg *forum* gelies hat a vum Hieronymus vu Bauschelt sengen Argumenter iwwerzeegt gi war. Mä dass en déi zitéiert, ouni seng Quell unzegin, ass net grad seriöse Journalismus. Leider steet e net eleng mat deem Verstouss géint d'Droits d'auteur. Suguer staatlech Verwaltunge wi de Service des Sites et Monuments brengen et fäerdeg, fir de neie Festungsmusee Pläng ze knäipen an d'Nimm vun Auteur a Kartograph ewegzeschnëppelen! De Koschter freet sech, wéini een hei am Land geléiert gëtt, dass séng Sourcen ugin, weder eng onerlaabt Reklamm ass nach en Ageständnis, dass een eppes geknäipt huet, mä en Zeeche vun intellektueller Éierlechkeet.

**m.p.**

D'ganzt Land huet gudd gelaach, wi d'Police matt Karacho an Helikopter op Märel gerannt ass, well do ... zwee Schauspiller am Araber-Look a matt Kalaschnikov-Attrappen um Réck am Haff vum Theater eng geféimmt hunn! Net mi gelaacht huet de Koschter, wi e Kolleg, dee bei ëm um Findel stong, net grad zëmperlech vun zwee Flicen, di aus hirem Auto gespronge koumen, op d'Säit gezu gouf an dunn an engem Nieweraum duerchwullt ginn ass, jhust well en Baart hat. Wou si mer dann, dass Noperen hannert Theaterschauspiller geféierlech Terroriste mengen z'erklennen an d'Police ruffen? Wee gëtt dann Uerder, ouni op de Stadtplang ze kucken, fir e Groussasaz an engem Theater? Wee seet deene jonke Polizisten, all Mann matt Baart kënnt geféierlech sinn? Wee mecht do di antirassistesch Opbauaarbecht futti, di d'ASTI an hire Coursë fir Polizeistagiären säit etlech Joer probéiert? Ween ass politesch responsabel fir di Vieruurteeler, di ons Polizeikräften agetriichtert kréien?

**m.p.**

D'Gesetz iwwert di nei Uni wor nach net publizéiert, du huet den Héichschoulministär schon deen éischte Feeler gemaach vrun deem de Koschter säit Méint gewarnt huet. An der internationaler Annonce, fir e Recteur fir d'Uni Lëtzebuerg ze siche, gëtt gesot, nieft dräi Fakultéite géif et och dräi ‚centres interdisciplinaires', an zwar fir „Gestion et Evaluation des Risques", „Innovation Scientifique et Technologique" an „Intégration". Während et an der fräier Welt Traditioun ass, dass eng Uni sech hir Forschungsschwéierpunkte selwer sicht, kréien hei de Recteur an de Conseil de gouvernance, di jo eréischt genannt gin, vun der Regirung dräi Gackelcher an d'Nascht geluegt, di scho gekacht sinn. A wou bleiwt z. B. e ‘centre interdisciplinaire' iwwert Lëtzebuerg, deen eng Chamber-Motioun gefuedert huet, di vun alle Parteie mattgedroe gouf? De Respekt vrun der akademescher Fräiheet an der parlamentarescher Demokratie geet am Héichschoulministär net ganz wäit.

**m.p.**

### Nachweise und Copyrights der Abbildungen

ASTI: 9, 11
Antony Frogatt (London): 16
Frédéric Mertz: 23, 24
*forum*-Archiv: Cover, 4, 5, 18, 62, 63, 66, 67
Thomas Wolter: 6, 7, 8, 10, 13, 26
Le Monde: 27
Service de Presse: 25
Simone Johann: 44, 45, 46, 47, 48, 49
Fondation Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean und Su-Mei Tse: 53, 54, 56
CNA: 58, 59, 60
Casino Luxembourg: 50
ProActif: 21, 29, 30, 35, 36, 37, 41
Réseau Objectif Plein Emploi: 31, 32, 33
Forum pour l'Emploi: 38, 39